PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , , , den 23/08/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Konsumenteschutz, Landwirtschaft & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Am Handel feelt et u Kennzeechnunge fir Wëld-Produkter. Esou léisst sech net ëmmer feststellen, aus wéi engem Land d'Wëldfleesch kënnt an ob et sech ëm fräi liewend Déieren oder Ziichtunge gehandelt huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ginn hei zu Lëtzebuerg am Moment Wëldfleesch-Produite verkaaft, déi ee Label hunn?
    1. Wa jo, wéi eng Labele sinn dat?
    2. Wa jo, wéi vill Prozent vun de Wëld-Produite hu schätzungsweis dës Labele?
    3. Wann nee, sinn d'Ministeren d'Accord, dass hei ee Label muss kommen? Ass hei eppes Konkretes virgesinn?
2. Gëllt eng Keenzeechnungspflicht fir Päerdsfleesch?
3. Wéi vill Wëldfleesch gëtt all Joer hei an d'Land importéiert? Wat sinn hei méiglech Grënn?
4. Wéi vill vum importéiere Wëldfleesch kënnt aus Gatterhaltung oder Ziichtung?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten